

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

Här President,


Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, souwéi den Här Economie- a Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5941 schreift d'Regierung zu der Aféierung vun CO2-Zöller ënner anerem dat hei: *"Et ass wichteg, dass Betriber an der EU net benodelegt sinn duerch déi méi ambitiéis Mesuren fir den Klimaschutz, an och Drëttstater, an d'Betriber déi do produzéieren, sollen incitéiert ginn Mesuren ze huelen fir manner CO2 auszestoussen. De Conseil ass sech och bewosst dass Betriber an Entwécklungslänner sech wäerten méi schwéier dinn fir hir Produktiounen ëmzestellen. Dofir soll doriwwer nogeduecht ginn, wéi dës Länner bei der Transitioun kann gehollef ginn".*

An deem Sënn géif ech der Regierung nach gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi verdroen dës Moosname sech mam Territorialitéitsprinzip an der Netamëschung an d'Ugeleeënheete vu souveräne Staaten? Gesäit d'Regierung vir, sou Moosnamen nëmmen op Basis vun engem bilateralen Accord tëschent der EU an deene betreffenen Drëttstaaten ze ënnerstëtze fir d'Eskalatiounsspiral vun engem Handelskrich ze evitéieren? Wéi wäit gött d'WTO an dës Verhandlung mat agebonnen?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, op Ënnerstëtzungsgelder déi an deem Kader ausbezuellet géifen, un eis Entwécklungshëllef ugerechent ginn? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister Jean Asselborn, an vum vum Här Ekonomiesminister a Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten Franz Fayot, op d'parlamentaresch Fro n° 6112 vum honorabelen Här Deputéierten Roy Reding

Ad 1) D'EU an hier Memberstaten setzen d'Reegelen fir den EU Bannemaart fest an huelen déi néideg Mesuren fir dësen an d'europäesch Betriber virun Konkurrenz aus Drëttstaten ze schützen déi net eis Normen respektéiert. Keen Drëttstat ass verpflichtet fir Gidder an d'EU ze exportéieren.

Natierlech ginn et an deem Beräich och international Reegelen déi mussen respektéiert ginn, an zwar virun allem déi vun der Welthandelsorganisatioun. An den Diskussiounen zur Ausschaffung vum "Kuelestoff Grenz-Upassung-Mechanismus" war d'Kompatibilitéit vun deem Mechanismus mat dësen Reegelen ëmmer en fundamentalen Punkt, an Lëtzebuerg huet och reegelméisseg dorop insistéiert.

D'Madamm Finanzministesch huet an hirer Äntwert vum 22. Abrëll 2022 op d'parlamentaresch Fro n°5941 erklärt, dass Lëtzebuerg säin Accord zu deem geplangten Mechanismus eréischt ginn huet wéi séchergestallt war, dass dës Measure mat den Reegelen vun der Welthandelsorganisatioun an Aklang wier.

D'europäesch Kommissioun huet am Kader vun dësem Dossier och schon am Virus Kontakt mat den Handelspartner vun den EU Memberstaten opgeholl an déi geplangten Reglementatioun erklärt, fir Mëssverständnesser an en eventuellen Sträitfall virun der Welthandelsorganisatioun ze vermeiden. Och aktuell ass d'Kommissioun nach ganz aktiv amgaang mat Drëttstaten iwwert dësen Dossier ze schwätzen an huet och mat der Generaldirektesch vun der Welthandelsorganisatioun geschwat.

Et ass och unzemierken dass eng Rei aner Länner selwer en ähnlechen Mechanismus hunn oder amgaang sinn esou en System aus ze schaffen, woubäi dës an deene meescht Fäll net esou komplett oder ambitiéis sinn wéi deen vun der EU.

Ad 2) Am Moment ass nach net kloer wéi eng Form eng Ënnerstëtzung fir Entwécklungsänner géif unhuelen; déi Diskussiounen sinn nach net ofgeschloss. Wann Entwécklungsgelder sollten virgesinn ginn, wäert dësen Aspekt a Betruecht geholl ginn. Allgemeng gesinn mir esou eng Ënnerstëtzung als en wichtegt Element fir dass och déi Länner eng adequat Transitoun zu méi klimafrëndlechen Wirtschaftsmodeller errechen kënnen.

Lëtzebuerg, 27. Mee 2022

(s.) Jean Asselborn

Aussen- an Europaminister